N°2296
Entrée le 08.05.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.05.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/05/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Persounen, déi Photovoltaiksanlagen op hieren Daach setzen, eng nei Wärmepompel installéieren oder hir Wunneng renovéieren, kënnen eng finanziell Hëllef beim Staat dofir ufroen ("Klimabonus").

Déi Primm gëtt ausbezuelt, nodeems d'Aarbechten gemaach a vum Besëtzer bezuelt goufen.

Aus der Äntwert op fréier parlamentaresch Froen goung ervir, dass d'Délaien fir d'Ausbezuelen vun de Primmen immens laang sinn: fir d'Subventioun vun Photovoltaikanlagen 2022 waren et am Schnëtt 6 Méint, duerno 2023 ee Joer an 2024 waren et erëm 10 Méint.

An der Äntwert vun der virëgter Ëmweltministesch op meng Fro n°7163 hat ee sech virgesat, dass ee kompletten Dossier an engem Delai vu maximal 3 Méint misst traitéiert sinn. Dofir sollten och 10 Posten beim Emweltministère geschaf ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Demandë fir de Klimabonus goufen 2022 oder virdru gemaach a sinn haut nach net ofgeschloss?
2. Wéi vill Demandë fir de Klimabonus goufen 2023 oder virdru gemaach a sinn haut nach net ofgeschloss?
3. Wéi vill Klimabonus-Demanden goufen 2022, 2023 an 2024 fir folgend Aarbechten agereecht:
   - Photovoltaikanlag,
   - Wärmepompel,
   - Renovatioun?
4. Wéi vill Klimabonus-Demanden goufen 2022, 2023 an 2024 fir folgend Aarbechten ugeholl/ofgelehnt:
   - Photovoltaikanlag,
   - Wärmepompel,
   - Renovatioun?

5. Wéi vill Subsiden goufen 2022, 2023 an 2024 fir de Klimabonus ausbezuelt, opgelëscht no Joer an no folgender Kategorie:
    - Photovoltaikanlag,
    - Wärmepompel,
    - Renovatioun?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten